# AHA: Chamber-Majoritéit fir Trennung Kierch/Staat méiglech

RTL - 02.06.2011, 14:26 - Fir d'lescht aktualiséiert: 03.06.2011, 13:20

Ëmfro vun AHA an der Chamber: Am Parlament gëtt et eng potentiell Majoritéit fir eng finanziell Trennung vu Kierch a Staat, esou d'Allianz.

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

*Wéi stidd Dir zu der Trennung vu Kierch a Staat? Dat war eng vun de Froen, déi d'AHA, d'Allianz vun Humanisten an Athéisten, den Deputéierten an der Chamber gestallt huet.*

Nächsten Dënschdeg ass an der Chamber eng Orientéirungsdebatt, déi déi Gréng ugefrot hunn, iwwer d'Relatiounen tëscht Kierch a Staat. Op Christi Himmelfahrt mellt sech an deem Kontext d'AHA - d'Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker - ze Wuert, déi sech fir eng Trennung vu Kierch a Staat asetzt.

Am Virfeld vun där Debatte hat d'Allianz eng Ëmfro ënner de 60 Deputéierte gemaach. 3 Froe ware gestallt ginn:

*1. Sidd Dir der Meenung, datt an der Fro vun de finanzielle Relatiounen tëscht Kierch a Staat Reformbedarf besteet?*

*2. Sidd Dir der Meenung, datt d'Bierger net selwer missten decidéiere kënnen, ob si eng reliéis Kommunautéit finanzéieren?*

*3. Sidd Dir der Meenung, ob net d'Schüler, egal wat fir eng Relioun hir Elteren hunn, vun engem neutralen Wäertunterrecht misste kënne profitéieren?*

Erauskoum, der AHA no, datt et am Parlament eng potentiell Majoritéit fir eng finanziell Trennung vu Kierch a Staat gëtt.

Am RTL-Interview huet de President vun der AHA, den Dr. Laurent Schley, d'Resultater preziséiert. Fir d'éischt dat vun de Majoritéitsparteien: Vun den CSV-Deputéierten hätt keen ee geäntwert an d'Sozialisten hätten an engem Bréif d'Positioun vun der Fraktioun an der Partei nach eemol duergeleucht. Doraus ging ervir goen, datt si éischter der Meenung si vun AHA, datt sech eppes misst änneren; si wiere sech awer bewosst, datt et mat enger staarker CSV net ze maache wier.

Bei der Oppositioun, esou AHA, sinn d'Fronte méi kloer. D'DP huet fir d'ganz Fraktioun déi 3 Froe mat Jo beäntwert, déi Gréng hunn individuell mat Jo geäntwert, déi Lénk och a vun der ADR hätte just 2 geäntwert, gréisstensdeels am Sënn vun AHA.

Den Dr. Schley ass dann och der Meenung, datt bis op d'CSV all d'Parteien enger finanzieller Trennung vu Kierch a Staat positiv géigentiwwer stinn. An déi Majoritéit ging duerch eng staark CSV ausgebremst ginn, dofir misst sech do eppes änneren.

**De Laurent Schley (1) »**

An déi Ännerunge sollten, dem Laurent Schley no, bedeiten, datt d'Politiker zu deem sollte stoen, wat se denken - an dat géif iwwregens och fir d'Atheisten an d'Agnostiker an der CSV gëllen, well där géif et och do.

**De Laurent Schley (2) »**

Erënnere mer un déi heiten Ausso um Briefing fir d'Press nom Regierungsrot déi lescht Woch, vum Premier Jean-Claude Juncker: "Ech si jo ee Mënsch, deen - wann et ëm d'Trennung vu Kierch a Staat geet - zu ganz considerable Spréng a Verännerunge bereet wier."

**De Jean-Claude Juncker »**

Nozeliese sinn d'Resultater vun der Ëmfro vun AHA op aha.lu.

## Links

PDF: De Communiqué vun AHA.

LINK: D'Resultater vun der Ëmfro op aha.lu.